LËTZEBUERGER
LANDJUGEND A JONGBAUEREN
A.S.B.L.

Dateschutzerklärung

Lëtzebuerg, den 9. September 2020

Am Kader vun der Dateschutz-Grondveruerdnung (DSGVO), déi säit dem 25. Mee 2018 an allen EU-Memberstaate gëllt, informéiert d'LLJ datt mir an eisen Datebanke just déi néideg persounebezunnen Donnéeë féieren.

1) Deemno stinn an deene respektiven Datebanke just den Numm, de Virnumm, d'Adress a – wa verfügbar – d'E-Mail-Adress vum LLJ-Member, vum Abonnent vum LLJ.News, vum Abonnent vum ONG.News oder vun anere Leit, déi d'LLJ am Kader vun hire Manifestatioune kontaktéiert.

2) Vun de Comitésmemberen aus deene 7 regionalen LLJ-Gruppen, déi domat och Member vum Nationalcomité vun der LLJ a.s.b.l. sinn, si mir doniewent verflicht, folgend Informatiounen unzefroen: Gebuertsdatum, Gebuertsplaz, Nationalitéit, Sozialversécherungsnummer.

3) Fir d'Gestioun vum Personal gi folgend Informatioune gespäichert: Numm, Virnumm, Adress, Email-Adress, Liewenslaf, Sozialversécherungsnummer, Gebuertsdag, Steierklass, Extrait aus dem Casier judiciaire, Paien, Kontosnummer, medezinesch Certificaten.

4) D'Fournisseure vun der LLJ gi mat folgenden Donnéeë festgehalen: Numm a Virnumm vun enger eventueller Kontaktpersoun, Adress, E-Mail-Adress, Telefonsnummer, Kontosnummer.

Kategorie vun Empfänger

- Am Kader vun der administrativer Gestioun vun de Membere ginn d'Donnéeën un eis Sekretärin weidergeleet
- Fir d'Zoustellung vum LLJ.News ginn d'Donnéeë vun den Abonnenten (1) un en externe Service (Post) weidergeleet
- D'Donnéeë vun de Comitésmembere (2) musse bei den alljärleche Modifikatiounen um *Registre de Commerce et des Sociétés* (RCSL) a beim *Registre des Bénificiaires Effectifs* (RBE) agedroe ginn
- D'Nimm vun de Comitésmemberen (2) ginn am LLJ.News, respektiv ënner www.jongbaueren.lu publizéiert
- D'Informatioune vum Personal (3) ginn un d'Fiduciaire weidergeleet

Späicherdauer

D'Donnéeë gi just esoulaang gespäichert wéi néideg, respektiv wéi d'Gesetz et virgesäit.

LËTZEBUERGER LANDJUGEND A JONGBAUEREN A.S.B.L.
LËTZEBUERGER LANDJUGEND A JONGBAUEREN – SERVICE COOPERATION A.S.B.L.

5, avenue Marie-Thérèse
L-2132 Luxembourg

tél.:(+352) 44743 – 252
fax:(+352) 44743 – 563

www.jongbaueren.lu

Rechter vun de betraffene Persounen

Jiddereen huet d'Recht seng Donnéeën, déi an eisen Datebanke gespäichert sinn, ze consultéieren, eng Kopie ze verlaangen (Art. 15 DSGVO), falsch Donnéeën ze verbesseren (Art. 16 DSGVO) oder d'Weiderveraarbechtung vu sengen Donnéeën ze refuséieren (Art. 21 DSGVO).

Jiddereen, deen net méi an eisen Datebanke gefouert wëll ginn, kann äis gäre kontaktéieren, fir datt mir hien direkt am Fichier suppriméieren (Art. 17 DSGVO): per Email info@jongbaueren.lu oder per Bréif un LLJ a.s.b.l., 5, avenue Marie-Thérèse, L-2132 Luxembourg.

Aus verständleche Grënn kann dës Ufro net iwwer Telefon gemaach ginn. Mir bieden Iech ëm den néidege Versteesdemech.

Widdersproochsrecht

Jiddereen, deen de Verdacht huet, datt d'Veraarbechtung vu senge perséinlechen Donnéeë géint d'Dateschutzgrondveruerdnung (DSGVO) verstéisst, kann sech un d'Dateschutzkommissioun (CNPD) adresséieren ënner www.cnpd.lu.

Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren a.s.b.l.
5, avenue Marie-Thérèse
L-2132 Luxembourg

Kontaktpersoun : Mike Meyer
Tel: 44743-252
E-Mail: info@jongbaueren.lu
Homepage: www.jongbaueren.lu

Lëtzebuerger Landjugend a Jongbaueren – Service coopération a.s.b.l.
5, avenue Marie-Thérèse
L-2132 Luxembourg

Kontaktpersoun : François Glodt
Tel: 44743-562
E-Mail: secretariat@jongbaueren.lu
Homepage: www.jongbaueren.lu